Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Wëllefcher

Wëllefcher

## Versammlung(en) zum Thema „Hütte bauen“

An dësem Dokument wëlle mir Iech Iddie mat op de Wee ginn, fir Iech selwer eng (oder méi) Versammlungen zum Thema « Hütte bauen » ze gestalten ! Dir kënnt dës Aktivitéiten alleguer maachen an domat puer Versammlunge fëllen, oder dir pickt Iech just déi Aktivitéiten eraus, op déi dir Loscht hutt! Vill Spaass beim Hütte bauen!

Mir hunn d’Iddien no deene 5 Beräicher vun der neier Method (De Kierper, de Geescht, dat Sozialt, d’Gefiller an dat Spirituellt) opgedeelt. Dodurch kritt dir eng gutt Iwwersiicht, an dir kënnt vill verschidden Elementer an är Versammlungen abauen.

<table>
<tr>
<td>De Kierper</td>
<td>

- Lafspill: Polizist a Gängster

Mir spillen an 2 Ekippen. Déi eng Kanner sinn Polizist an déi aner Kanner spillen Gängster. D’Polizisten hunn eng Hütt (eng Plaz am Bësch) an d’Gängsteren hunn 2 Hütten (eng Hütt wou si ëmmer néi Sue kënne kréien an eng Hütt (Prisong) wou si Suen hin bréngen mussen oder wou si higinn, wa si gefaange goufen). D’Gängsteren mussen Suen vun där enger Hütt béi déi aner Hütt schmuggelen. Poliziste wëllen dat verhënneren a mussen dofir d’Gängster fänken. Wann ee Gängster gefaangen ass, gëtt en an de Prisong gespärt - dat ass eng Hütt déi mir déi Woch virdrun am Bësch gebaut hunn an Police kritt Suen déi den Gängster dobäi hat. Ee Gängster, deen an der Hütt ass, däerf duerch een anere Gängster befreit ginn, andeems dëse Gängster hien an d’Hütt untippe kënnt! Ronderëm dës Hütt ass eng „fräi Zon“; do däerfen d’Polizisten net ofklappen. Falls also ee Gängster et packt bis an déi „fräi Zon“ ze kommen, ouni dass hien ofgeklappt gëtt kann hien en anere Gängster befreie goen.

Dëst Spill dauert meeschtens eng hallef Stonn. No 30min rifft de Chef STOPP, an da gëtt gekuckt, wie gewonnen huet: D’Polizisten an d’Gängsteren zielen hier Suen, a wie méi Suen huet, huet gewonnen!

- Lafspill: Krankentransport

Virum Spill ginn 2 „Fänkerten“ an 2 „Ambulancieren“(oder „1.Hëllef-Wëllef“) designéiert. An et gëtt decidéiert a wéi eng Hütt ee goe muss, je nodeems wou een ofgeklappt gouf (z.B: Deen, deen um rietsen Aarm ofgeklappt gouf, geet an d’Bäcker-Hütt; deen deen um Kickes ofgeklappt gouf, geet an d’Klinik-Hütt etc). Do sinn de Wëllefcher hirer Kreativitéit keng Grenze gesat.

Déi 2 Fänkerten lafe lass a probéieren déi aner Kanner ze fänken. Deen, dee gefaangen ass, bleiwt op der Plaz leien, a gëtt da vun den „Ambulanciere“ opgehuewen(1 Ambulancier hëllt d’Äerm, deen aneren Ambulancier hëllt d’Been). D’Ambulanciere béngen dee Kranken an eng bestemmten Hütt. Deemno wou een ofgeklappt gëtt, gëtt een an en anert Haus transportéiert.

</td>
</tr>
</table>

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Wëllefcher & Programmekipp
5, rue Munchen-Tesch | L-2173 Lëtzebuerg
wellefcher@lgs.lu | wellefcher.lgs.lu | Facebook : LGS – Wellefcher - Chef

E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

| | |
|---|---|
| De Geescht | • **Challenge:**<br>Dir gitt äre Wëllefcher Challengen fir hier Hütt ze bauen, hei sinn der e puer opgelëscht. Natierlech kënnt dir och ganz anerer erfannen.<br><br>- Baut Iech eng waasserdicht Hütt!<br>- An ärer Hütt sollen 2 verschidde Kniet optauchen!<br>- Är Dier vun ärer Hütt muss genau 1 Meter héich sinn.<br>- Maacht Iech uewen an den Daach vun ärer Hütt e klengt Lach, duerch dat Dir den Owend d'Stäre kucke kënnt. |
| Dat Soziaalt | • **Mir bauen eis e richtegt Duerf/Stad:**<br>D'Wëllefcher ginn an hir Sizaine a kréien als Aufgab eng Hütt ze bauen. Awer net „iergendeng" Hütt, mä all Hütt soll eng aner „Beruffskategorie" duerstellen: Eng Hütt ass z.B. de Bäcker, eng aner d'Klinik, eng aner de Konschtatelier. Loosst äre Wëllefcher genuch Zäit fir hier Hütt passend zu hirer Beruffskategorie ze bauen.<br><br>Uschléissend un d'Bauen kënnt Dir eng Visitt vun deenen eenzelnen Hütte maachen.<br><br>Déi Wëllefcher déi an enger Hütt wunnen (z.B. d'Bäcker) kéinten sech e passende Sketch zu hirem Beruff (z.B. de Sketch vun de waarme Bréidercher) iwwerleeën, wa si denen aneren hier Hütt virstellen.<br><br>• **Mir ginn eis géigesäitege Feedback zur Hütt:**<br>- Wat gefällt mer gutt un deem anere senger Hütt ?<br>- Wat wéilt ech och gären a menger Hütt hunn?<br>- Wat kéint een an där Hütt nach verbesseren?<br>- Wat hätt ech an där Hütt anescht gebaut?<br><br>• **Zesummen eppes erliewen:**<br>An all Hütt erliewen mir zesummen eppes: Beim Bäcker maache mir Stockbrout, beim Künstler entsteet e Konschtwierk, beim Schoulmeeschter léieren mir eppes Neies, an der Klinik léiere mir eppes zu 1. Hëllef asw... |
| D'Gefiller | • **Bilan zur Aktivitéit :**<br>Zum Schluss vun dëse Versammlungen froe mir d'Wëllefcher em hir Meenung. Wat huet Iech gutt gefall, wat net esou gutt? Hei ass e Beispill vun engem Bilan, am Kontext vun den Hütten :<br>D'Cheffen zielen déi eenzel Aktivitéiten op, an d'Wëllefcher stellen sech an hirer Hütt esou op, wéi et hinne gefall huet:<br>Wa si déi genannten Aktivitéit net flott fonnt hunn, verstoppe si sech hannert hierer Hütt.<br>Wa si déi genannten Aktivitéit „mëttelgutt" fonnt hunn, leeë si sech virun d'Hütt op de Buedem.<br>Wa si déi genannten Aktivitéit immens gutt fonnt hunn, stelle si sech matten an d'Entrée vun hirer Hütt.<br><br>Iwwer Gefiller kann een och gutt an engem Sketch oder engem Theaterstéck schwätzen. D'Wëllefcher kënnen d'Présentatioun vun hirer Hütt méi spéit eemol nospillen, an dobäi besonnesch den Accent drop leeën, wéi si sech nom Feedback vun denen anere Wëllefcher gefillt hunn (Aktivitéit bei „Dat Soziaalt"). |

| | |
|---|---|
| Dat Spirituellt | • Rou fannen:<br>Mir probéieren an der Hütt zur Rou ze kommen. Et ass schéin ze genéissen, wat mir zesumme gebaut hunn. Mir kënne raschten a mir kënne probéieren op eis ze lauschteren, kucke wat mir grad am Moment brauchen.<br>Mir kënnen awer och op d'Natur lauschteren, an iwwer d'Roll vun eiser Hütt hei an der Natur nodenken…<br><br>• Phantasierees (am Anhang)<br>Jiddereen mécht sech et a senger Hütt gemittlech, a mir lauschteren no, wéi de Chef eng Phantasiereess mat eis mécht. |

Annexe 1: Challengen, prett fir erauszeschneiden an auszedeelen!

| | |
|---|---|
| Baut Iech eng waasserdicht Hütt! | An ärer Hütt sollen 2 verschidde Kniet optauchen! |
| Är Dier vun ärer Hütt muss genau 1 Meter héich sinn. | Maacht Iech uewen an den Daach vun ärer Hütt e klengt Lach, duerch dat Dir den Owend d'Stäre kucke kënnt. |

## Annexe 2: Phantasie Rees

Dagesréckbléck vun enger Persoun aus dem Duerf (Bäcker, Pompjee,  Metzler, Schoulmeeschter …)

Et ass Owend, an du hues en ustrengenden Dag hannerun der.

Gemittlech zitts du dech an denger Hütt zeréck.

D'Wëllef leeën sech op eng Decken oder Carrymatt

Probéier emol ganz roueg ze ginn.

Maach deng Aen zou.

Otem déif an an aus.

Probéier emol dir dat virzestellen, wat ech elo erzielen…….

Den Dag ass eriwwer,

am Duerf gesäit ee kee méi op der Strooss.

D'Hütten si beliicht, am Duerf ass et ganz roueg.

Du hues e laangen Dag hannerun der.

Du bass frou dass du dech elo an denger Hütt zeréckzéie kanns.

Hei ass et gemittlech, hei fills du dech wuel.

A Rou kanns du elo nodenken iwwer dat wat haut war.

Du waars scho fréi op.

Du has haut vill Aarbecht.

Erënner dech wat s du haut de Moie schonn alles gemaach hues.

Wiem bass du alles begéint?

Wat hätten d'Leit gär vun dir gehat.

E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Wëllefcher

Du hues eng Mëttegpaus gemaach!

Mat wiem waars du do zesummen.

Am Nomëtteg, war och erëm vill lass.

Du has nach villes ze erleedegen.

Erënner dech, wat s du alles gemaach hues.

Mat wiem wars du zesummen?

Wou konnts du haut engem weiderhëllefen.

Wou bass du gebraucht ginn.

Elo ass den Dag eriwwer.

Wéi war däin Dag?

War et e schéinen Dag?

Oder villäicht éischter e stressegen Dag?

Wat huet dech haut esou richteg frou gemaach?

Erënner dech drun.

A profitéier vun der Rou an denger Hütt.

E grousse Merci un eis Sponsoren